



Rapport Referees' Commission - 24.01.2023

Present : Geib, Frieden, Frieseisen, Keiffer, Kröpelin, Simonelli, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Nesser, Volz

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 29.11.22**
- 2) **EHF Delegué um Final 4:**
Fir den FLH F4 huet d'RefCom nees een auslänneschen Delegéierten ugefrot. Den Helmut Wille aus Éisträich kënnt fir déi 4 Deeg op Lëtzebuerg, an hält Samschdes a Sonndes Moies och Course fir d'Arbitteren.
- 3) **Arbitteraustausch:**
Den Austausch mat Wien ass um Lafen. Eng Koppel vun hinne kënnt de Weekend vum 25. März op Lëtzebuerg. De Weekend vum 15. Abrëll geet dann eng Koppel Arbittere vun eis op Wien. Wéi eng Koppel dat ass, ass nach net definéiert.
- 4) **Neie Sponsor:**
Et ass e neie Sponsor fonnt gi fir d'Arbitter, an zwar de „Peters Sports“. Déi nei Uniforme si scho bestallt, an d'Faarwe si giel a schwaarz. All Arbitter kritt 2 Uniformen, Strëmp an eng Jackett.
- 5) **Gréissten vun den Bäll:**
D'Veräiner si gebieden ob d'Gréisste vun de Bäll opzepassen. Et ass festgestallt ginn dass nach ëmmer Veräiner mat Bäll spillen déi net di richteg Mossen hunn. D'Reglement, an déi richteg Gréisste, fannt dir ënnert: <https://www.flh.lu/arbitrage/regles-rules>
- 6) **Haarzdepot:**
*De CA huet decidéiert, dass ab dem 1. Januar 2023 nees all Depot vun Haarz verbueden ass, also och un de Schong.
All d'Veräiner sinn dovunner a Kenntnis gesat ginn. D'Arbitter sinn ugewisen den Depot vun Haarz ze kontrolléieren an am Fall wou, ze strofen. (1. Kéier am Match = direkt 2 Minutten – de selwechte Spiller eng 2. Kéier am Match = Disqualifikatioun)*
- 7) **Weiderbildung fir Arbitter:**
Den nächste Cours fir all eis Arbitteren ass de 24. März um 18:30 zu Stroossen.

Nächst RefCom Dënschdes den 21. Februar 2023 um 18.30 Auer zu Stroossen.